PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Am Hollänneschen Halix Wierk gëtt AstraZeneca Impfstoff hiergestallt, deen duerno an Italien a Flacone gefëllt gëtt. Dat Hollännescht Wierk ass nach net vun der EMA als Produzent vun AstraZeneca an der EU zougelooss. Dat wëll de Pharmakonzern, anscheinend och no Nofroe vun der EMA, nach ëmmer net all déi néideg Dokumenter fir eng Zouloossung agereecht huet. Esou sinn, laut Medieberichter, am Moment ronn 30 Milliounen Impfdosissen an Italien blockéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung dass Impfstoff vun engem zougeloossenen Hiersteller aus enger net zougeloossener Fabrick zu Lëtzebuerg genotzt sollt ginn?
2. Wäert d'Regierung sech op EU-Niveau dofir asetzen, dass den Impfstoff aus dem Wierk aus Holland an der EU verimpft ginn wäert?
3. Wat kéint Lëtzebuerg rechtlech gesinn ënnerhuele, fir des Dosen zu Lëtzebuerg notzbar ze maachen (op legislativem oder reglementareschem Plang) ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député